



HELPERKNAPP
ENG GEMENG MAT AUSSIICHT

Compte rendu : Entrevue Commission relation publique Gemeng Helperknapp

Datum: 09/06/2021

Auerzäit: 19h00 an der Koll zu Brouch – Schluss: 20h35

Rapport: Claudine Michels

Présent: Paul Mangen, Nicole Kuhn-Di Centa, Mariette Lux-Pepin, Patrick Ludwig, Patricia Pick, Claudine Michels, Nancy Jans (nei Memberin)

Entschëllegt: Nathalie Simon-Stammet, Joske Vosman, Alsion Sammut

Net entschëllegt: 1 neie Member

Invitéiert: Assy Jans, Kënschtler & Sculpteur

Ordre du jour

1. Virstelle vun de Memberen
 2. Présentatioun Bréifkëscht, Raider
 3. Charte graphique
 4. Divers
-

1. Well haut 1 nei Memberin derbäi ass, gëtt ee séieren „Tour de Table“ gemaach an deem jiddferree sech kuerz virstellt.

2. Den Här Assy Jans, vu Beruf Këntscher a Sculpteur, ass invitéiert fir eis seng Iddi fir eng Bréifkëscht mat eventuellem Raider virzustellen. D’Nicole hat sech hei ëm de Kontakt gekëmmert.

D’Iddi ass fir de den H aus dem Logo vun der Gemeng ze huele wéi en ass, mat klengen Upassungen un de Moosse wéinst dem Halt. Et wier méiglech e Bildschirm z’intégréiere fir ee virtuelle Raider oder eng Fënster fir een „analoge“ Raider. Eng Schell mat Géigespriechanlag kéint och integréiert ginn, souwéi eng Boîte fir Päk. „D’Bréifkëscht“ wier fräistoend. Se soll sech mat der Gemeng identifizéieren an et soll een direkt gesinn, datt ee bei der Gemeng ass (wichtig fir nei bäigezunne Leit). No der E-Mail vum Schäfferot, déi mir just virun der Reunion krut hunn, gëtt et evtl. schwéier si vun dësem Projet z’iwwerzeegen, mee als Commission des Relations Publiques wëlle mir dat awer an Ugrëff huelen.

D'Propose vun der Gemeng gefällt eis als Kommissioun net an dëst wëlle mir der Gemeng och esou matdeelen. An engems géife mir hinnen awer och proposéieren, datt den Här Jans hinne seng Iddi eng kéier an enger Sitzung virstellt, fir datt si eng besser Iddi vum Projet kréien.

Falls eng Schell/Bréifkëscht an de Projet integréiert ginn, dierfen dës net ze héich kommen, fir datt jiddferree se kann notzen (Kanner a „Personnes à mobilité réduite“). Et misst een allerdéngs eng permission de voirie bei de Ponts & Chaussées ufroen.

Desweidere gouf och dovun geschwat fir e Schrëtzuch un der Fassade ze fixéieren, zur Haaptstrooss hinn, tëscht déi 3 Fënsteren (den Numm un der Gemeng mat Logo)

Vote: unanime fir d'Propose vun Här Jans

Vote : unanime fir datt den Här Jans Kontakt ophëllt mam Services des sites et monuments nationaux wéinst dem Schrëtzuch an ofzekläre wat do eventuell méiglech ass.

3. a) Logotype -> allen 3 si gutt

b) Typo du Logo -> averstanen

c) Couleurs -> Erklärung wéi een d'Faarwe mëscht -> ganz gutt

d) Espacement -> Rapport Logo / Schrëft = ok

e) Zone de protection et taille minimale -> ok

f) Utilisations interdites = Ok

g) Variante avec Baseline -> Mir äusseren eis Bedenke fir d'Varianten 2 an 3. Mir fannen d'Variante 1 am Beschten.

h) Variante dérivés -> wéi op de Masken. Mir stellen eis d'Fro wat d'Zil dovunner soll sinn

Vote: unanime, fir datt de Logo bleiwt wéi en ass an net veränert dierf ginn

i) Supports utilisations:

Visitekaarten -> bei der Telefonsnummer och d'Virwahl (+352) derbäisetzen / Internetsäit ënner der Emailsadress opzielen / soss ok

Bréifpabeier -> am Footer bei der Telefonsnummer och d'Virwahl (+352) derbäisetzen / am Footer „Administration communale de Helperknapp“ duerch „Administration communale Helperknapp“ ersetzen

Enveloppen -> ok

Rapports -> mir proposéieren, datt en Template un all déi, déi mol e Rapport musse schreiwen, verschéckt gëtt, fir datt och wierklech jidferreen déi selwecht Faarwen an déi selwecht Mise en page benotzt. / am Footer „Administration communale de Helperknapp“ duerch „Administration communale Helperknapp“ ersetzen / eng Rubrik „Lieu, Date, heure (Ufank an Enn)“ asetzen / Titre = den Numm vun der Kommissioun / sous-titre = Rapport oder Compte-rendu

Gadgets -> ok

4. Divers

Zu den neie Memberen: d'Nicole huet de „Welcome“-Mail vun der Gemeng un déi nei Memberen net ubruecht fonnt. Deen 1. Abschnitt ass gutt, duerno geet den Text ze vill agressiv an negativ weider (negativ Conotatioun -> Rappel). Desweideren ass en Extrait aus dem ROI vu Franséisch op Lëtzebuergesch iwwersat kee „Musthave“. Och eis nei Memberin, Nancy Jans, huet sech iwwert een Deel vum Inhalt am „Welcome“-Mail erstaunt gewissen. Si hätt et och fir sënnavoll gehalen, datt een deem Mail méi iwwer d'Aufgaben an d'Missioun vum der Kommissioun higewisse gi wier. Nodeems mir Auszich aus dem Mail virgelies krut hunn, schléisse mir eis dem Nicole senger Meenung a präziséieren, datt all President*in an eisen Ae Maans genuch ass fir seng Memberen op d'Anhale vum ROI hinzeweisen.

Am ROI steet, datt den Datum vum der Versammlung an den ODJ nach emol muss 5 Deeg virum Datum un d'Gemeng an un d'Membere kommunizéiert ginn. Mir stellen eis d'Fro nom Firwat, well déi meescht Kommissiounen dëst jo schonn an hirem Rapport maachen. Eiser Meenung no wier et méi wichteg, datt d'Rapporten all matzäiten dobanne sinn an iwwerhaupt erakommen. Eventuell kéint een do soss Jetone sträichen.

De Mail, dee mir als Kommissioun vum Schäfferot krut hunn, ass e bëssi onvertständlech, well mir eis no verschiddene Remarquen an dësem Mail d'Fro stellen wat eis Aufgab ass a wat mir dierfen diskutéieren a wat net. N.B.: den Toun mécht d'Musék.

Mir wëllen awer och soen, datt mir frou sinn awerhaupt e Feedback vun der Gemeng krut ze hunn a géifen eis freeë, wann dat méi dax de Fall wier.

Neien Datum: 05.10.2021 an der Koll zu Brouch um 19h30 (durée maximale 2 Stonnen)

Ordre du jour: nach net fixéiert